

## Wëssenschaft... maja

Wa mir vu Wëssenschaft schwätzen, muss am Fong en **Ënnerscheid tëscht deene sougenannten 'exakte' Wëssenschaftsgebitter gemaach ginn an deenen, déi ënnert dem Sammelitel 'Sciences humaines' figuréieren**. Mathematik, Physik, Chimie, Medezin sinn ë. a. bei 'Sciences exactes' ze klasséieren... obschonns och do periodesch een deem aner 'd'Schnell schléit' = weist, wou dee bekannte Bock d'Lach huet. Mir héieren a liesen dacks, datt et an deenen 'exakte' Wëssenschaften och alt net grad ëmmer sou fair an exakt leeft, wéi een sech dat bei deesen Intelligenzbomme kënnt erwaarden. Huet emol d'Genetik...

Gi mir dann en Tierche bei 'Sciences humaines' maachen, da freet ee sech verdäiwelt heefeg, wat de Begrëff 'humain' do ze sichen huet. An der 'Philo /-sophie /-logie', grad ewéi an der Psycho /-logie /-therapie, esouguer an der Geschicht an nach enger Rëtsch vu 'sciences humaines' klaken se mat hiren Thesen a Käpp widdereneen, datt dat Ganzt een dacks virkënt wéi beim Técke vun Ouschtergackelcher: **ee wëllt deem aneren esou séier a fest wéi méiglech Téitsche maachen, de Gummi aus der Flitsch huelen**: deen ee behaupt dëst, deen anere just de Contraire... a mir sollen dat dann alles schlécken, gleewen, unhuelen... wat vill ze dacks kee vun de Super-Gackelcherskäpp deem aneren ofhëlt. Als bescht Beispill kënne mir dat Gewulls rondrëm de Papp vun der Psychanalyse, de Sigmund Freud huelen; dee gëtt jo all 10 Joer helleg gesprach, dann erëm vum Altor gejuppt, bis... no 10 Joer. D'Geschicht vun der Philosophie ass voll mat Geraibers vu gescheite K/Glatzkäpp, an zwar vu viru 'Chrështes' bis haut! Gutt drun ass ower ëmmer eent: *'du choc des idées jaillit l'étincelle!'*

Wa mir dann an d'Philologie kruwwele ginn – definitionsméisseg der Wëssenschaft vu Sproochen op der Basis vu Wierkanalysen – da weist sech, wéi deen ee 'Spezialist' en Auteur als d'Spëtzt vum literaresche 'Burj Dubai' gesäit... deen anere Philolog fënnert de 'Kolleg' Schreiwert den allermannst vum den Allerleschten.

Huet nëmme **d'franséisch an déi däitsch Literatur vum 19. Joerhonnert bis haut: eng Kläpperei an elauter!** Kuckt, wat am Hierscht bei de sougenannte 'Prix littéraires' geschitt... do gëtt geschluecht, datt d'literarescht Blut fir Tonne vun Träipe giff duergoen, vum 'Gehäck' net ze schwätzen. Mënschlech! Am Klänge wéi am Groussen. An der Konscht, an zwar all hire Formen (Musek a 'Molen'), ass et an deem Sënn nach vill méi schlëmm... mat deene Konschten. Well och nach d'Geld seng Roll spillt, gëtt et grujeleg!

Bei der 'Wëssenschaft' rondrëm eis Sprooch gëtt ëmmer erëm vergiess, datt d'Wëssen an **d'Gespiere fir Pedagogik, am wäite Sënn also d'Sozio-psycho-pedagogik, bei deem d'meescht sterile Gedeessesems vun dréchenen Theoretiker, e Schmuddelkand ass**. Der Wëssenschaft ass et häerzlech egal, wat eiser Sprooch eppes bréngt, wat mat hir geschitt, a wéi een sech dogéint kann/muss uleeën. Wëssenschaft gëtt sech nëmme mam 'Ist-Zoustand' of, ass deemno eng 'statesch' Uluucht. De 'Patient' läit roueg op der Brëtsch, an da gëtt geschnidden, geschnëppelt, sezéiert, auserneegeholl, djee: eng Zort vun Autopsie gemaach.

Dat 'bréngt' dem Lëtzebuergesche glat a guer näischt, well eis Sprooch **déi ongeheier aldeeglech schrëftlech Stäip vun der Schoul an der Press** net huet, wéi dat fir déi grouss geschriwwen Idiomen de Fall ass. Leider gëtt si 'wëssenschaftlech' ower esou behandelt... an déijéineg, déi en anere Wee mat hir maache wëllen, als stresseg Fanatiker gekuckt. Dajee alt.

## Eis aarm Sprooch

Wien am Däitschen, dem Franséischen oder Engleschen net 'doheem' ass a just e bëssen dra 'knujele' kann, fir dee sinn dat natierlech aarm Sproochen. Si sinn nun emol **esou aarm, wéi hie sproochaarm ass**... a genee dat gëllt och fir d'Lëtzebuergesch. Wien et net zerguttst kennt a kann, fir deen ass et nun emol aarm oder alschlëiesch. Dat nennt ee bëlleg!

Et fällt knapps engem an – an der Wëssenschaft scho guer net – emol **eng 'Recherche' iwver dee Vocabulaire ze maachen, deen de spezielle Räichtum vum Lëtzebuergeschen ausmécht**, Wuertfelder ze maachen an déi opzefëllen... do wonnert een sech. Gitt dach z. B. emol Ausdréck aus anere Sproochen fir déi hei sichen: *hannevir – baussebannen – d'enneschtdiewesch – bonzënebonzuewen*... gell, do kritt ee Krämpes... mat deer anerer Sprooch. En anert Beispill: Wësst dir d'**Nimm vun de männlechen, weibliche, 'sächleche' a Jongen vum Päerd, dem Fuuss, der Int, dem Schwäin?** Watfir en Déier ass 'bëseleg', 'raujesch', 'bréieg'... mä wat een net kennt, do schwätzt een net, gell dir... oder et seet een z. B., eis Sprooch wier jo nëmme en Dialekt... an eben aarm.

## Kniwwelereien

Sidd dir *'engem zu Dank verpflichtet'*... oder e Merci schëlleg? *'Kennt dir iech aus'*... oder sidd dir kënneg? Gitt dir an e *'Wäibierg'*... oder an e Wéngert? Freet dir iech op *'d'gëlleg Fra'*... oder op dat gëllent Meedchen? *'Zitt dir engem den Hutt'*... oder ditt dir deem den Hutt of? Huet dir eppes *'dobäi'*... oder bei iech? Macht dir *'e Rondgang'* oder en Tour(rondrëm)? Gi bei iech Faarwen *'hiergestallt'*... oder gemaach/fabrizéiert? Gëtt et bei iech *'eng grouss Nofro'*...oder vill gefrot? Wie sinn déi *'Hannerbliwwe'* bei engem Stierffall... ass dat vläicht d'Famill? Muss et da Vizmates-Lëtzebuergesch sinn?



vum Lex Roth

## Ceterum censeo...

**...Marinum esse ignorandum.** Wat esou vill geng heeschen, wéi datt mir dee 'marinéierte' Kauzekapp vu Campiègne einfach sollen iwwergoen... *et la caravane passe*, giff de Fransous soen. Mä... et soll ower kee mengen, de Marini (mat deem stackfranséischen Numm!) wier deen eenzege vun 'hannert der Heck' deen esou denkt wéi hie getoozt huet. *Passons*.

Dat huet seng Ursachen: eng dovun ass, **datt mir äis 'dobaussen' dacks fir egal wat verkafe loossen**... well et äis och heibannen zimlech eendunn (= egal) ass. Wéivill wëssen der dann (nach), wat dat mam Wëllem III an **der Letizia Ramolino hirem 'ragazzo', deem grouse Korsikaner sengem Neveu** – dem Napoléon III – ze dinn huet. Déi hu Lëtzebuerg nëmme als 'Département des Forêts' kann... a mir waren d'Dëlpassen aus dem Fuusselach.

Wéi dacks ass hei ewell geschriwwen ginn, datt **mir solle soen a weisen, wie mir sinn... soss setzt jiddereen äis déi Bokemaal op, déi him grad passt**. Dat gehéiert och zum Fong vun deene Gedanken, déi zënter Joeren – ewell 43 mol! – d'Basis vun dëser klenger Rubrik an eiser KLACK sinn: **Eis Sprooch muss zerguttst an d'Grondgesetz vun eisem Staat kommen**. Wourop waarden eis Regierung, de Staatsrot an d'Chamber dann nach?!

## Iwwersetzt op däitsch oder franséisch

De Max war fatzeg *verspellegt* an huet sech d'ganz Zäit *getommelt/gefläss*. Hien huet sech fir d'Frecken net mat sengen Toperiee ginn. Deen *hannerwännege Knätzeler* huet sech ni *verschwat*. De Jang huet sech ellen druginn. D'Kätt huet sech *gestallt wéi eng Butsch*. Mat *wodelegem* Waasser gëtt keng Gromper mëll. An deer Saach do ass eppes *net grad liwwereg*. D'*Kréischele* gi wieleg, mir mussen se *verdinn*. Uewen op der Kopp stongen *e Minnech an eng Mier mat engem Fuel*. Hien huet sech eng flappeg *Flaatsch* Ham erofgegarrelt a mir just *eng butzeg Schläiss* geloos, de veraffrontéierte Knéckjang!

Dat hei giffe flott Diskussiounen doheem... a vläicht och beim Patt. Schneit et eraus.

## Irland, Malta, Island... a mir?

Wéi d'europäesch Constructioun ugefaang huet, stong **d'Fro vun der Sprooch an deer hënneschter Rei**. Do war et Franséisch an Däitsch, fäerdeg! D'Italiéiner an d'Hollänner hunn net dogéint gemëffert, well d'Communautéit war jo eng Initiativ vu Frankräich an Däitschland... bis no an no déi aner Länner bäikomm sinn, besonnesch England, de United Kingdom. **D'Angel-Sachsen hunn (iwregens mat Recht) drop gehal, datt d'Englescht eng Haaptroll ënnert den EU-Sproochen soll spillen**... wie verstänneg ass an d'Weltroll vum 'Angelsächseschen' unerkennt, dee misst normalerweis dofir sinn, datt **d'Englescht déi sougenannt 'lingua franca' vum offiziellen Europa** soll spillen: déi Sprooch déi jiddereen, op d'mannst offiziell, aus egal watfir engem Member-Staat misst léieren a gebrauchen.

Quetschen och! Bis haut stäipen d'Fransousen an déi Däitsch sech géint déi 'Iwwersprooch', wat eng vun de kloorsten Ursachen ass, datt d'EU ni richtig zesummewiisst. **Et ass genee wéi bei der Geschicht vum Tuermbau vu Babel... mä ëmgedrëint**. D'Malteser hunn sech sproochlech schlau ugeluecht a fir hir Sprooch – déi vu knapps 300 000 Leit geschwat gëtt – en europäesche Status verlaangt; d'Irlänner – mat ronn 3 % 'Spriecher' – hunn dat Gaelescht dselwecht duerchgesat. Elo ass et dann un den Islänner, mat ongeféier 275 000 'Islandophonen'; si wäerten hir Kiischt och op de Kuch kréien. Wa mir déi Kéier mat enger verstänneger **Fuerderung fir d'Lëtzebuergesch als Conditoun fir eist Averständnes** net profitéieren... dann ass äis einfach net ze hëllefen!

## Internet... Internet... Internet

Dir sicht no engem Artikel aus eiser KLACK. Dir huet eng Schreiwerei aus der Sonndeszeitung vun [rtl.lu](http://rtl.lu) verpasst... alles dat fannt dir op eiser INTERNET-SÄIT, wann dir einfach [www.actioun-letzebuergesch.lu](http://www.actioun-letzebuergesch.lu) agitt.

Mir sinn natierlech och frou, eppes Perséinlech vum iech ze kréien, sief et eng Fro oder eng kleng Granzerei. Dir fannt äis... a mir bleiwe keng Äntwert schëlleg.

## Mens sana...

*...in corpore sano* (e gesonde Geescht an engem gesonde Kierper), ass e bekannte Sproch vum Laténger Juvenal, ower **haut, wou, leider, ëmmer méi vun 'Demenz' rieds geet an sech, ee Gléck, ganz vill a gutt em 'verkënte' Leit bekëmmert gëtt**, ass ëmmer méi ge-/bewusst, watfir eng Chance jiddereen an all Famill huet, wou deer Fäll keen ass.

Kënnst dir iech nach erënnere, watfir Ausdréck an der Zäit dofir gebraucht gi sinn, iert vun 'Alzheimer' rieds gaang ass? Mir haten een, dee ganz genee datselwecht gesot huet wéi 'Demenz': de Pätter ass **'bausst de Kapp'**, vläicht och **'doruechter'**, wat 100 % typesch EISES ass (kuckt emol an eisem Buch mam selwechten Titel, an engem Bicherbuttek oder direkt bei äis). Am selwechten Zesammenhank war do och nach eng ganz intressant Manéier, fir ze soen, et hätt een eppes 'vergiess'... da war et engem 'ausdenkeg' ginn. Et verlaangt kee verstännege Mënsch, datt déi 'Schwätz' erëm soll gebraucht ginn... mä et weist alt erëm, datt déi 'Al' sech net alles aus dem Däitschen undréine geloos hunn.